PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Finanzen weiderzeleeden.

Mat der Konventioun vum 20ten Oktober 2020 an dem groussherzogleche Reglement vum 22te Januar 2021 goufen d'Rechter vun de Salariéeë am Télétravail festgehalen. Am Fall, wou een Employé méi wéi 10% vu senger Aarbechtszäit doheem schafft, muss de Patron dem Salarié all néidegt Equipement fir d'Aarbecht doheem zur Verfügung stellen, respektiv bezuelen.
Dësen Accord gëllt net e.a. fir Salariéeë mat engem "Statut de droit public ou assimilé."
Duerch d'Pandemie huet den Télétravail ganz nei Ausmoossen ugeholl. Esou hunn och d'Enseignanten méi op dësen Outil missten zréckgräife, virun allem a Wochen, wou Homeschooling muss gemaach ginn, wéi am Februar d'lescht Joer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf dem Léierpersonal, am Kader vum Homeschooling 2020 an 2021, dat néidegt Material zur Verfügung gestallt ?

2. Kann d'Léierpersonal zu all Moment op dëst Material zréckgräifen, falls den Homeschooling an enger Klass erëm sollt agefouert ginn?

3. Am Fall, wou d'Léierpersonal selwer misst fir d'Material opkommen, wieren dës Käschte da steierlech ofsetzbar? Falls jo, ënnert wéi enger Kategorie?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député